

Sécherheet iwwert de Projet vun enger Maison médicale am Osten. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 19 du 16 janvier 2024 de Mme Paulette Lenert relative au projet d'ouverture d'une maison médicale dans la région Est, adressée à Mme la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

**Mme Paulette Lenert (LSAP) |** Merci, Här President, fir mir déi Geleeënheet nach ze ginn. Ech géif gärën drun erënneren, hei am Haus war de Sujet vun enger Maison médicale am Oste ganz oft um Ordre du jour. Ech hat oft d'Geleeënheet a menge fréiere Fonctiounen, hei ze erklären, firwat et net esou wäit komm ass. Dat war ni schlechte Wëllen – och a viregte Regierungen net –, mee et war e Problem vun Démographie médicale.

Nichtsdestotrotz erënnere mer eis, et ass net laang hier, dass an der Walcampagne grad vun de Regierungsparteie ganz grouss ugefëiert ginn ass, dass esou eng Maison médicale soll kommen am Oste, ganz kloer, an natierlech och am Norden, esou ass vun der Madamm Hansen ëmmer erëm taktéiert ginn.

Deemno war ech ganz erstaunt ..., bon, éischters emol war ech interesséiert, ze wëssen, wéi Der Iech dat da virstellt. Well mer jo vill Echangingen haten iwwert déi Problemer, déi gemaach hunn, dass et net esou wäit komm ass, war ech eigentlech gespaant, wat dann d'Wonnerléisung wär, fir dat esou schnell aus dem Steen ze schneiden. Ech war awer nach méi erstaunt, wéi ech gelies hunn, Madamm Minister, dass Der déi selwecht Constaten elo maacht, dass dat net esou séier wäert goen, dass Der eng Étude de faisabilité wëllt maachen, eebe grad och well d'Démographie médicale et am Moment net esou richteg hiergëtt – dee selwechte Constat also, dee mer scho säit Joren awer virleien hunn, dee gewosst war!

An d'Fro, déi ech Iech stellen: Wat wäert déi Étude de faisabilité sinn? Mengem Verständnis no ass et eng Rechnung, déi ze maachen ass. Eng Maison médicale brauch x Leit, fir bedriwwen ze ginn. Hu mer déi? Hu mer se net? Jo, et erënnert mech eigentlech un den Opnameexamen fréier, fir op Septième ze kommen, wou een dat hätt kënne ginn. Ech sinn awer ganz gespaant, wat Der virhutt als Étude de faisabilité a wat Der Iech erwaart a wat den Timing ass a wat d'Problemer sinn, déi Dir elo no esou kuerzer Zäit scho gesitt, déi net hei am Haus bekannt ware virun de Walen, wéi mer alleguerete lassgezu sinn, fir d'Leit ze iwwerzeegen, wat mer alles wäerte maachen.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président |** Merci, Madamm Lenert. An d'Wuert ass elo fir d'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet. Madamm Minister.

**Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale |** Merci, Här President. A merci fir d'Frostellung. Ech war net an der Walcampagne. Ech hu keng esou Aussoe gemaach. Ech ka mech just beruffen op dat, wat am Koalitiounsprogramm steet. Am Koalitiounsprogramm steet textuel: „Après une analyse de faisabilité, le Gouvernement se prononce pour l'ouverture d'une maison médicale dans la région Est et d'une deuxième maison médicale dans la région du Grand Nord du pays dès que la démographie médicale le permettra.“

Dat heescht, et muss eng Analys gemaach ginn a mir maachen näischt aneschtens, wéi de Regierungsprogramm auszufëieren. Duerfir hunn ech en éischt Gespréich gehat mat de Servicer an der Santé, wéi déi sech dat virstellen. Hir éischt Reaktioun war net „Juppi, jo, mir maachen eng!“, mee se hu confirméiert, datt eng Étude de faisabilité muss gemaach ginn,

awer net nëmme mam Osten, mee och mam Norden an och mam Westen, an deementspreechend hunn ech och an deem Interview, deen Der uschwätzt an Ärer Fro, geäntwert.

An deem hunn ech elo näischt bäizefügen. Ech kommen dorobber zrëck, wa mer d'Étude de faisabilité da gemaach hunn.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président |** Ech soen Iech Merci, Madamm Ministesch. An domat hu mer dann eis Froestonn vun haut ofgeschloss.

## 9.8266 – Projet de loi portant modification :

**1° du livre II, titre III, chapitre II, du Code du travail ;**

**2° de l'article 28-4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État**

A mir kommen op den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten, an dat ass de Projet de loi 8266 iwwert d'Aféierung vun engem Ersatzcongésdag wéinst den zwee Feierdeeg, déi op den 9. Mee falen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapportier huet zéng Minutten, d'Fraktiounen a Sensibilitéit jeeweils fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et sinn ageschriwwen hei op menger Lëscht: den Här André Bauler, den Här Claude Haagen, den Här Jeff Engelen, den Här François Bausch, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapportier vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Travail

**M. Marc Spautz (CSV), rapporteur |** Merci, Här President. De Projet de loi, dee virläit, do geet et drëm, wa mer Feierdeeg hunn, déi openeefalen, dass déi géife verréckelt ginn. Ier den 11. Dag agefouert ginn ass, den Europadag, hate mer dat hei zu Lëtzebuerg weider ni, dass zwee Feierdeeg openeegefall sinn. Wat mer awer haten, dat ass, dass e Feierdag mat engem Sonndeg openeegefall ass. An do war och ëmmer d'Reegelung, wann e Feierdag op e Sonndeg fält, dass deen dann innerhalb vun dräi Méint géif eragehall ginn.

Ganz fréier, dorunner kënnen déi e bësse méi stänneg Kollegen heibanne sech nach erënneren, ass deen direkt op den Dag drop geluecht ginn. Mee dat ass ofgeschafft gi virun 20 Joer, wéi et geheescht huet, e géif net op den Dag drop geréckelt, mee e géif innerhalb vun dräi Méint eragehall ginn.

Dëse Projet de loi ass den 30. Juni 2023 vum Aarbechtsminister Georges Engel deposéiert ginn. An déi éischte Kéier ass an der Kommissioun ..., ass och e Renvoi gemaach ginn de 7. Juli 2023. Duerno sinn d'Avise komm vun de Beruffschamberen. Dee vun der Chambre de Travail koum de 24. November (veuillez lire: vun der Chambre des Salariés koum den 19. Oktober), dee vun der Chambre des Métiers den 22. Dezember an dee vum Conseil d'État och den 22. Dezember 2023.

An do wëll ech soen, do huet d'Kommissioun eppes gemaach, wat net grad üblech ass. Ech wëll dat direkt virewechhuelen an ech wëll och dofir ganz besonnenesch all Mënsch, dee Member ass vun där Kommissioun, villmools Merci soen.

Mir hunn an där selwechter Kommissioun d'Avise gekuckt. Mir hunn de Rapport gemaach. Mir hunn de Rapport ugehall, fir dass mer haut kënnen am

Plenum iwwert dat Gesetz ofstëmmen, well et nämlech wichteg ass, an dat geet och aus verschiddenen Avisen ervir, dass d'Leit gär Rechtssécherheet hätten, wéi dee Problem ass. Well bei der Interpretatioun ware mer eis scho méi laang eens, dass dat esou misst gereegelt ginn, mee dass elo endlech en definitiven Text virläit fir dat. An dofir wëll ech allegueren deene Leit, déi an der Commission du Travail sinn, e grouse Merci soen, dass mer dat esou konnte maachen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass kee Feierdag bäikënn. Et bleift nach ëmmer bei deenen eeleg legale Feierdeeg, déi mer hunn. A wéini dat elo nach eng Kéier ka geschéien, dass der zwee openeefale wéi den Europadag a Christi Himmelfaart, dat huet och mam Kalenner ze dinn. Dir wësst, dass mer am Kalenner Feierdeeg hunn, déi ëmmer fest sinn, déi ëmmer op deem selwechten Dag sinn. An Dir wësst, dass mer Feierdeeg hunn, déi ëmmer 40 Deeg no anere Feierdeeg erfalen. An doduerch ass dat net alljoers d'selwecht, och net all siwe Joer d'selwecht, well och déi Kalennere wandere. Dofir ass dat iwwerhaupt och méiglech gewiescht.

De Conseil d'État huet drop higewisen, dass et e Problem géif gi fir de Secteur communal, notamment dee vun de Musekschoulen, well et do Problemer gëtt. Mir hunn e Gesetz gestëmmt, Dir kënnt Iech allegueren erënneren, de 26. Juli 2023 hu mer hei a voller Begeeschterung e Gesetz gestëmmt iwwert d'Musekschoulen. An do huet de Conseil d'État ënnerstrach, dass et awer och wichteg wier, dass déi Situatioun vun deene Leit géif gekläert ginn an dass och de Ministère de l'Intérieur sech wäert dorëmmer bekëmmere.

Well aneschtens wéi am Privatsektor, ginn déi Dispositiounen ëmmer ..., all dräi Joer hält de Conseil de Gouvernement fest, wéini d'Vakanzen an d'Fräizäit an der Educatioun sinn. An do falen all Schoulen drënner. An do war d'Diskussioun, ob och d'Musekschoulen drënnerfalen oder net. Déi Interpretatioun ass esou ugehall ginn. Mee do muss den Interieur nach déi entsprechend Dispositiounen huelen.

An den Avisa vun de Chambre-professionellen ass ënnerstrach ginn, dass domadder endlech eng Clarification an eng Sécurité juridique kënnt. D'Chambre des Salariés huet och nach eng Kéier drun erënnert, dass een och nach hätt kënnen aner Dispositiounen mat eranhuelen, mee an der Vitess, wéi et eis drëm gaangen ass, déi Legalitéit ze schafen, hu mer eis op dat beschränkt, wat do war.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet och drun erënnert, dass et wichteg ass, dass dat och fir d'Congéé vun de Fonctionnaire-communale gemaach ginn ass. Déi Leit, déi heibannen och kommunalpolitesch Verantwortung droen, déi wëssen, dass do schon d'lescht Joer am November eppes komm ass, wou festgehalen ginn ass, dass déi Deeg och esou rattrappéiert ginn, dass deen een Dag erfält an dass deen aneren innerhalb vun dräi Méint misst eragehall ginn.

Et ass och d'Diskussioun geféiert ginn, firwat déi Diskussioun wier mat deenen dräi Méint. Firwat net einfach en Dag Congé derbäi? Do huet den Aarbechtsminister an der Sitzung vum 10. Januar ënnerstrach, dass et eebe wichteg ass, dass deen net einfach wéi laang opgeschobe gëtt, mee dass dee wierkelech muss an engem Delai, wéi zum Beispill vun deenen dräi Méint, och eragehall ginn.

Dann hate mer nach den Avis vun der Chambre des Métiers, déi sech d'Fro gestallt huet, ob dat hei eng Solution politique wier, déi mer hei géifen huelen, déi dat e bësse méi kritesch gesinn huet, mee dass

et awer par hasard ëmmer emol kéint virkommen, dass zwee Deeg openeefalen. Ech wëll dobäi ënnersträichen: De Punkt ass, wéi ech virdu gesot hunn, dass dat eent fix Feierdeeg sinn an dat anert Feierdeeg sinn, déi net op engem festen Datum leien.

Duerno hu mer déi verschidde Positiounen gekuckt. Mir hunn och elo verschidde Cas-de-figures. Mir hunn ..., wann zwee Deeg ..., wa Leit op deem Dag schaffen, wou de Feierdag erfällt, wéi do d'Dispositiounen sinn, wéi déi dann erageholl ginn, dass den den Dag, wou e schafft, zegutt huet plus dann och nach eng Kéier den Ausfall, den en huet. Mir hunn d'Situatioun vun deene Leit, déi net géifen drop schaffen. Déi hu jo den ee Feierdag, esou wéi en erfällt, an den anere kënnen se innerhalb vun dräi Méint eranhuelen. An da muss een och nach eng Kéier soen, dass et och Leit gëtt, déi do nëmmen hallefdaags schaffen, well déi nëmme Kontrakter hunn, déi op hallefdaags ginn, wéi och do déi Kompensatioun géif gemaach ginn.

Dat sinn déi Positiounen, déi mer festgehalten hunn, déi och elo deemtspriechend am Gesetz agefouert gi sinn, a woumadder et, wann ech richteg gekuckt hunn, awer elo nach wäert méi wéi zéng Joer daueren, bis dat do nach eng Kéier geschitt, well duerch d'Schaltjore kënn jo och ëmmer eng Verschiebung all véier Joer vun deenen Deeg. Mee da misst déi Problematik awer och definitiv am Code du travail gekläert sinn, fir dass een net méi drop zrëckkënn.

Dat gesot, nach eng Kéier alleguerten de Kollege villmools merci fir déi konstruktiv Aart a Weis. An och versprach: Dat dote maache mer net méi op déi doten Aart a Weis, dass mer dat esou séier maachen. Mee et war dës Kéier am Interêt vun de Salariéen a vun de Betriber, dass jiddweree weess, wat d'Rechtslag ass mat dësem 9. Mee. Villmools merci. An ech ginn dann och, Här President – ech huelen dann eng Sekonn vun där anerer Zäit –, den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Spautz, och fir Ären exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. André Bauler (DP)** | Jo, merci, Här President. Och wann ech heihinner kommen, wëll ech Iech direkt soen, dass ech et net ze laang wäert maachen. Ech wollt Iech jiddefalls Merci soen, dass Dir an eiser aller Numm dem Rapporteur Merci gesot hutt.

(Hilarité)

Datt zwee Feierdeeg op dee selwechten Dag falen, ass eng Situatioun, déi sou rar virkënn, dass se bis ewell nach net gesetzlech gereegelt war. Haut leee mer also fest, dass kee Feierdag verluer geet, mee dass den zweete Feierdag mat engem zousätzleche Congésdag soll kompenséiert ginn.

Feierdeeg sinn nämlech net nëmmen Deeg, op deenen net geschafft gëtt, also aarbechtsfräi Deeg, mee si hunn dacks eng symbolesch Valeur. Si erënnere eis un Evenementer, déi eng Gesellschaft kollektiv erlieft huet oder déi sech aus der kultureller oder reliéisier Geschicht vun engem Land erginn a vu Bedeutung sinn oder als erënnungswierdeg empfונnt ginn.

Christi Himmelfahrt oder „Christi-klamm-op“, wéi verschidde Lëtzeburger soen, fällt wéinst dem variablen Datum vun Ouschtere vu Joer zu Joer op en aneren Datum. Et ass en ale Feierdag, den eebe 40 Deeg no Ouschtere stattfënn.

Den 9. Mee ass e gesetzleche Feierdag, den 2019 vun der leschter Regierung agefouert gouf. Dësen Dag erënnert un d'Deklaratioun Schuman vun 1950, déi eng éischte Kéier eng enk Zesummenaarbecht tëschent den europäesche Länner virgezeechent huet. Den 9. Mee gëllt domadder souzesoen als „Grënnungsdag“ vum Europa, wat mir haut kennen, an deem mir haut liewen. Als Grënnungsmitglied vun der Europäescher Gemeinschaft huet Lëtzebuerg der EU vill ze verdanken, virun allem eise Wuelfstand, eis Sécherheet an eis Beweegungsfräiheet. Aus dëser Iwwerzeegung eraus huet déi lescht Regierung ënnert dem deemolege Premier- a Staatsminister Xavier Bettel, engem bekennenden Europäer, den 9. Mee zum Feierdag gemaach.

**M. Fernand Etgen (DP)** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Dës Entscheedung soll awer net derzou féieren, dass de Leit dës Joer en anere Feierdag, nämlech Christi Himmelfahrt, verluer geet. All Feierdag huet eebe seng eege Bedeitung a säin eegene Wäert. An dofir soll dës Gesetzesprojet jo dann haut vun eis gestëmmt ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Dat gesot, ginn ech natierlech gären den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a soe Merci fir d'Opmierksamkeit.

**M. Fernand Etgen (DP)** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Haagen.

**M. Claude Haagen (LSAP)** | Merci, Här President. D'LSAP-Fraktioun gëtt den Accord zu dësem Projet de loi, dee vum fréieren Aarbechtsminister, dem Här Engel, deposéiert ginn ass an den d'Problematik natierlech och léist mat deenen zwee Feierdeeg, wa se op een Dag falen. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Très bien, Här Haagen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Jo, merci, Här President. Ech wëll dem Här Marc Spautz dann en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem „Turbogesetz“, wann een esou wëllt soen. Ech hoffe jo net, dass et ëmmer virkënn. Den Här Spautz huet et jo gesot: Et war ausnamsweis am Sënn vun der Saach.

Ech mengen, et muss jo och iergendwéi Rechtssécherheet do si fir d'Leit dobaussen. An dat kann ee jo net besser maache wéi am Ufank vum Joer mat dësem Gesetz hei. Ech mengen, dass jo ganz kloer, well am Ufank vum Joer gi jo déi eenzel Congésdeeg festgeluecht an och de Betrib muss dat jo kënnen organiséieren.

Erlaabt mer awer vläicht eng ganz kleng Remark zum Schluss vu menger Interventioun. Wéi deemools de Feierdag agefouert ginn ass, do hu mir virgeschloen, mir sollten et den 10. Oktober maachen. Dann hätte mer dee Problem haut net gehat. Mee dat gesot, wollt ech awer drop opmierksam maachen, dass ech dat deemools gesot hunn. Dat wier jo dann d'Journée de commémoration. Dann hätte mer dat du gehat, da wier dee Problem haut net komm.

An an deem Sënn ginn ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz an ech soen dem Här Spautz nach eng Kéier Merci.

**M. Fred Keup (ADR)** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här François Bausch.

**M. François Bausch (déi gréng)** | Här President, ech wollt dem Här Spautz Merci soe fir säi Rapport.

(Hilarité)

An och wann haut kee Feierdag ass, stëmme mer dat Gesetz mat.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Bausch. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här President, dat weist, dass et méi einfach wär, wann all d'Feierdeeg no engem gereegelte Kalenner géife stattfannen an net 40 Deeg no engem aneren Evenement, wat och nach vun iergendengem Moundkalenner erëm ofhänkt. Bon, mir hunn awer elo nach déi Feierdeeg an deemtspriechend ass et wichteg, dass mer hei eng Léisung hunn, déi vläicht dann an deenen nächsten 30, 40 Joer nach eng Kéier gebraucht gëtt. Dofir stëmme mer dat heiten och mat am Interêt vun de schaffende Leit.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Clement. An dann ass et um Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)** | Jo, merci, Här President. Den 9. Mee hu mer dann dës Joer de Christi-klamm-op-/Europadag.

(Hilarité)

A well dat esou ass, dass zwee Feierdeeg openeentrefen, ass eeben een zousätzlechen Dag, den a Congé verwandelt gëtt, den innerhalb vun dräi Méint ze huelen ass. Et ass also net esou, dass e Congésdag einfach esou bäikënn, mee et ass e Feierdag, den an e Congésdag verwandelt gëtt.

Dozou dräi kuerz Bemierkungen: Déi eng ass – den Här Spautz huet et gesot –, dass mer a ganz séierem Tempo do derduerch gaange sinn, wat awer an dësem Fall, mengen ech, richteg war, fir Sécherheet ze ginn de Salariéen an awer och den Entrepreneuren, wat op se duerkënn. Duerfir ass et och wichteg, dass mer dat hei elo votéieren.

Déi Remark mat deenen dräi Méint huet eigentlech dorobber ofgeziilt, dass et awer zwee Regimenter gëtt: den ee vun der Fonction publique, wou den Dag einfach bäigesat gëtt, an den vum de Salariéen, de Privatgestallten, déi en innerhalb vun dräi Méint mussen huelen. Dat ass e klengt Hoer an der Zopp, mee mer loossen et an dësem Fall dann och do, wou et ass, nämlech an der Zopp, a waarden drop, dass endlech d'Congésdeeg eropgesat gi vu 26 op 30 an dass mer endlech eng Kéier eng sechste Congéswoch kréien.

Merci.

**M. David Wagner (déi Lénk)** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Baum.

An dann ass et elo un der Regierung.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Mischo, Ministre du Travail** | Merci, Här President. Ech wollt de Membere vun der Kommission och nach eng Kéier e grouse Merci soe fir déi Flexibilitéit, déi se un den Dag geluecht hunn, fir dat doten esou séier wéi méiglech kënnen ze evakuéieren. An ech mengen, et ass soss alles gesot ginn. Och dem Rapporteur nach eng Kéier villmools merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président** | Voilà, d'Diskussioun ass also elo ofgeschloss.



An dann, éier mer zum Vott kommen, erënneren ech wéi üblech drun, datt Der Iech misst aloggen, wann Der wëllt matstëmmen. An dat wär gutt, wann Der géift matstëmmen.

Sou, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8266. Den Text steet am Document parlementaire 8266<sup>6</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8266 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. D'Votes par procuration sinn och gemaach. An de Vott ass dann heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo-Stëmmen: 59, Nee-Stëmmen: keng, an Abstentioun: keng. De Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8266 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Boffering, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou decidéiert.

### **10. 8161 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection des informations classifiées, fait à Paris, le 1<sup>er</sup> juillet 2022**

### **8162 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Bruxelles, le 7 décembre 2020**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8161, engem Accord tëscht Lëtzebuerg a Frankräich, an zum Projet de loi 8162, engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Litauen, béid iwwert den Austausch an de Schutz vu

géigesäiteg klassifizierten Informatiounen. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, déi jeeweileg Sensibilitäten a Fraktiounen fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Christophe Hansen, den Här Yves Cruchten, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement.

Ech krut virdru gesot, datt verschidde vun de Riedner net onbedéngt misste schwätzen. A wa se net géife schwätzen, géif dat heeschen, datt se den Accord vun hirer Fraktioun oder Sensibilitéit géife ginn, wat eng positiv Haltung zu eiser Zäitorganisatioun ass. D'Wuert huet also elo de Rapporteur vun deenen zwee Projet-de-loien, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région**

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Mir liewe leider an enger Welt vun enger gewëssener Onsécherheet. Mir stellen all Dag permanent Konflikter fest, sief dat um militäresche Plang; mir hunn terroristesch Uuschléi; déi organiséiert Kriminalitéit hält ëmmer aner Dimensiounen un; an da gëtt et och d'Industriespionage an dann déi nei, modern Waff, dat ass jo déi sougenannte „Cyberattack“. Et heescht also da besonnesch an deenen demokratesch gesënnte Länner, Preventiounen festzehalen, fir all déi Attacken kënnen awer dee Moment ze evitéieren.

Dowéinst gëtt et schonn zënter méi Laangem eng Rei vun Accorden, fir sougenannte klassifizéiert Informatiounen auszetauschen. Dat heescht, hei geet et ëm de Schutz vu vitalen nationalen Interesse vun deenen eenzelne Staaten. Duerfir muss och versicht ginn, datt wichteg Informatiounen net einfach kënnen esou divulguéiert ginn, a fir datt net aner Staate kënnen versichen, eenzel Staaten ze destabiliséieren. A jee no Grad vun deenen Informatiounen ginn och da gewësse Kategorie festgehalen.

Et ass och nach vläicht hei ze bemierken, datt et awer och spezifesch Informatiounen gëtt, déi engem spezielle Protektionsregime ënnerleien, da schwätze mer vun engem sougenannte multilaterale Kader. Ech nennen hei d'NATO. Ech nennen natierlech och d'Europäesch Unioun. An an deenen eenzele Länner gëtt et dann awer erëm eng kéier spezifesch Gesetz, fir am Fong geholl och eng Base légale ze schafen, fir datt deen Informatiouns Austausch do ka stattfannen. Hei zu Lëtzebuerg ass dat d'modifizéiert Gesetz vum 15. Juni 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité.

Op Basis vun dësem Gesetz gëtt et hei zu Lëtzebuerg u sech véier Kategorie vun Informatiounen. Dat heescht fir d'éischt emol déi, déi streng geheim sinn, da sinn et déi, déi geheim sinn, da sinn et déi, déi vertraulich sinn, an dann och déi, déi enger limitéierter Verdeeelung ënnerleien.

Et dierft wuel keen iwwerraschen, datt déi Informatiounen, déi streng geheim sinn, datt déi just vun de Membere vun der Regierung, vum Chef d'état-major vun der Arméi respektiv vum Direkter vum Geheimdëngscht souwéi och eenzele Fonctionnaire kënnen natierlech agesi ginn.

Do gëtt et natierlech eng ganz spezifesch Prozedur, op déi ech elo am Detail net wäert agoen.

Haut stëmme mer zwee Accorden. Deen een ass mat Frankräich, deen aneren ass mat Litauen. Mat Frankräich ass elo vläicht e bëssen den éischte Moment lichter iwwerraschend, well ee seet: Ma wéi ass et da

méiglech, datt mer mat deem Land nach keen Accord ënnerschriwwen hunn? Dat stëmmt awer nëmmen zum Deel. Mir hu selbstverständlech mat Frankräich schonn eng kéier esou en Accord ënnerschriwwen, an dat war am Joer 2004. Mee vu datt Frankräich entre-temps hir Legislatioun ugepasst huet, mussen och eis Accorde mat hinnen nei verhandelt gi respektiv och dee Moment zréckgehalen ginn.

Ech behandelen elo am Fong geholl déi zwee Gesetzesprojeten och hei zesummen aus deem ganz einfache Grond, well se inhaltlech u sech dat selwecht erëmgin, soudatt et a sech net noutwendeg wär, dann zweemol getrennt iwwert déi eenzel Projet-de-loien ze schwätzen.

Dës Projet-de-loie respectivement den Inhalt dervu sinn natierlech och direkt liiert un de Geheimdëngscht hei zu Lëtzebuerg. Dat erkläert och, firwat, wéi mer déi Projeten an der Kommissioun presentéiert respektiv och diskutéiert hunn, datt do och Membere vum Geheimdëngscht natierlech uwiesend waren. Just entre parenthèses: De Geheimdëngscht besteet zënter 1960 hei zu Lëtzebuerg.

Wat wichteg ass an deem Accord, dat ass, datt déi jeeweileg Parteie sech dozou verfluchten, u sech déi ausgetoschen Informatiounen op deem selwechten Niveau ze behandelen an deenen zwee verschiddene Länner.

Da ginn natierlech och gewësse Reegelen opgestallt, wat d'Reproduktioun an d'Zerstéierung vun deenen Informatiounen ubelaangt. Wat och wichteg ass ze ënnersträichen, ass, datt déi Informatiounen nëmme kënnen um diplomatesche Wee ausgetosch ginn. Et ass also net esou, datt een dat dann iwwer, wéi mir dat jo esou reegelméisseg maachen, eng E-Mail oder sou ..., esou einfach ass et natierlech net. Ech mengen, dat ass ganz kloer, datt do scho mussen extreem streng Reegelen gellen.

Ech wëll och dann hei drun erënneren, datt déi zwee Projekte keen Impakt op de Staatsbudget hunn. Bis elo sinn eng ronn 31 Accorden esou mat enger Rei Länner ënnerschriwwen ginn. An d'Absicht vun der Regierung ass, fir doriwwer eraus natierlech och nach mat Länner aus der Europäescher Unioun, wou mer nach keen esou en Accord hunn, dann esou Accorden ze ënnerschreiwen. A firwat och net mat Länner, déi net onbedéngt Member vun der Europäescher Unioun sinn. Ech denken hei natierlech virun allem an éischter Linn un NATO-Memberstaaten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Accorde goufen de 24. Februar 2023 vum fréieren Ausseminister, vum Här Jean Asselborn, hei deposéiert. An den 21. Dezember gouf de President vun der aussepolitesser Kommissioun dann och vum Rapporteur vun deenen zwee Gesetzesprojeten hei designéiert.

Dann nach e Wuert vläicht iwwert d'Avisen. Déi zwee Avisen vum Conseil d'État si vum 21. Juli 2023 respektiv 10. Oktober 2023. Zum Fong hat u sech déi héich Kierperschaft näischt zu deenen zwee Projeten ze soen. Ech wëll allerdéngs op een Aspekt nach hei hiweisen aus dem Avis vum Staatsrot (ndlr. aus dem Avis vum Staatsrot zum Accord mat Frankräich). Dee betrëfft den Artikel 16.2., dee gesäit zum Beispill vir, datt „en tant que de besoin, les [...] Autorités de sécurité compétentes des Parties se consultent au sujet des aspects techniques spécifiques concernant l'application du présent Accord.“ De Conseil d'État huet doraus beschloss, well et sech dann nëmmen ëm technesch Mesuren handelt, datt déi u sech net méi misste vun der Chamber approuvéiert ginn, mee se missten awer am Journal officiel publizéiert ginn.

D'Avisen vun der Chambre de Commerce, déi datéiere vum 18. Abrëll 2023 respektiv 25. Abrëll 2023. An